ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Debatt iwwert dee sougenannte „geheime" Casier, respektiv de „Fichier central" vun der Police gëtt et, wéi déi rezent gefouert Debatt weist, eng Rei un Onkloerheeten, wat déi rechtlech Dispositioune vun dëser Datei uginn. Eng vun deene Froen ass déi vun der Zougangsberechtegung op déi Datei.

Och déi rechtlech Dispositiounen, déi den Zougréff vun der IGP *(Inspection générale de la Police)* op déi Datei reegelen, musse genee gekläert ginn. Et ass an deem Sënn a priori schwéier nozevollzéien, datt grad d'IGP elo eng Enquête soll maachen iwwert déi Datei, wou si dach selwer dës Datei kéint benotzt hunn a soumat eng kloer Onparteilechkeet net méi garantéiert wär.

An deem Kontext wollt ech dem Här Minister dës Froe stellen :

1. Op wat fir rechtlech Dispositioune berifft d'IGP sech, fir de Fichier central vun der Police kënnen anzegesinn ?
2. Wéi dacks huet d'IGP virum Dateschutzgesetz vun 2018 eng Demande gemaach, fir kënnen dee Fichier ze consultéieren, respektiv wéi dacks hu Membere vun der IGP dëse Fichier consultéiert?
3. Wéi dacks huet d'IGP no dem Akraafttriede vum Dateschutzgesetz eng Demande gemaach fir de Fichier kënnen ze consultéieren, respektiv wéi dacks hu Membere vun der IGP de Fichier central consultéiert?

4. Am Fall wou d'IGP dëse Fichier consultéiert hätt, wär si dann net an den Ae vum Här Minister „*Juge*" a „*Partie*" an engem ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten